



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange



Fernand ETGEN
President vun der Deputéierte Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/12/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

An der Question parlementaire n°1291 vum 4. Oktober, wollt ech vun den Häre Minister fir Bildung, Aarbecht a Wirtschaft ënnert anerem gewuer ginn, wéi vill Ufroe fir eng Validation des acquis am Joer 2018 an 2019 gestallt goufen. Den Häre Educationminister huet mir dës Fro mat konkrete Statistike beäntwert an ass nach eng Kéier méi genee ob d'Fonctionnement vun der VAE-Prozedur agaangen. Aus de geliwwerten Äntwerten erginn sech fir mech awer nach eng Rei Inconnuen.

D'groussherzoglecht Reglement vum 15. Dezember 2017 reegelt d'Accompagnement vun de Kandidaten fir d'VAE. Och hei stellen sech nach eng Rei Froen, virun allem wann een déi deemoleg Avisa vun der Chambre des Salariés an dem Staatsrot méi genee ënnert d'Lupp hält.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. An deem vum Häre Minister geliwwerten Tableau, deem d'Statistike fir d'Joer 2018 duerstellt, figuréieren am Ganzen 28 Dossieren, déi mat enger « Validation totale » cloturiert goufen. Häre Minister, wéi eng Diplomer, Berufsausbildungen an Diplomer sinn dat am Detail, déi hei accordéiert goufen ?
2. Wéi vill Demanden goufen, opgeschlëselt pro Joer, säit 2010 als recevabel an als net recevabel erkläert ?
3. Fir wéi eng Berufsgruppen oder Ausbildung goufen zanter 2010, opgeschlëselt no recevabelen an net recevabelen Demanden, plus déi final Decisioun, am meeschten Ufroe gestallt ?
4. Häre Minister, kéint Dir eis eng Lëscht ënnerbreede, mat all de Beruffer, fir déi säit 2010 eng Demande gestallt gouf ?
5. Wéi vill Demanden fir eng Gesellen- oder Meeschterkaart goufen, opgeschlëselt no recevabel a net recevabel erkläerten Demanden, plus final Decisioun, pro Joer a vun 2010 un, bis haut, gestallt ?
6. Wéi vill Gesellen- a Meeschterbrevete goufen, opgeschlëselt pro Joer a vun 2010 un, vum Service-VAE ausgestallt ?
7. Wéi är Statistik weist, goufen et 2018 433 Demanden fir eng Validation des Acquis. Deem géigeniwwer stinn 136 final Decisiounen, déi vun der Commission de Validation geholl goufen. Wéi ass ärer Meenung no d'Diskrepanz tëscht deenen als recevabel erkläerten Demanden an deene final getrafte Decisiounen duerch d'Commission de Validation ze erklären ?



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

8. Här Minister, laut dem „Règlement grand-ducal du 15 décembre 2017 portant sur l'accompagnement par entretiens personnalisés du candidat sollicitant la validation des acquis de l'expérience“ huet de Kandidat oder d'Kandidatin vum Service-VAE 12 Stonnen Accompagnement zegutt. Wëssend, datt de Staatsrot well a sengem Avis n° CE: 52.121 vum 28 Mäerz 2017 festgehalen huet, datt den „Agent de l'Etat“, wéi en am Regelement genannt gëtt, een, laut dem Staatsrot, flouen Terme ass: Aus wat besteet den Accompagnement konkret a wien mécht deen Accompagnement?
9. Här Minister, wéi vill Accompagnateure ginn et a wéi vill Indemnisatione sinn heivir, opgeschlësselt pro Joer a vun 2017 un, ausbezueelt ginn?
10. An hirem Avis vum 3. Mäerz 2017 zum Projet de règlement grand-ducal betreffend d'Accompagnement vun de VAE-Kandidatinnen oder Kandidaten, huet d'Chambre des Salariés festgehalen, datt et an hiren Aen méi Sënn géif maachen, d'Kandidatinnen oder d'Kandidaten, déi eng éischt Demande un de Service-VAE stellen, am Virfeld ze „conseilléieren“ an ze „informéieren“, ier si sech an eng VAE-Demarche „lancéieren“. D'Aarbecht vum Accompagnateur fänkt am Moment eréischt dann un, wann d'Demande vum Kandidat oder der Kandidatin als recevabel erkläert gouf. Här Minister, gedenkt Dir hei nozebesseren a schonn am Virfeld dofir ze suergen, datt d'Kandidatinnen oder d'Kandidaten net blannemännerches eng Demande stellen, ouni am Virfeld informéiert ginn ze sinn an soumat ze assuréieren, datt genee gepréift gëtt op eng VAE-Prozedur iwwerhaupt Sënn mécht fir déi jeeweileg Kandidatin oder de Kandidat?
11. An hirem Avis vum 3. Mäerz 2017 zum Projet de règlement grand-ducal betreffend den Accompagnement vun de VAE-Kandidatinnen a Kandidaten, huet d'Chambre des Salariés och festgehalen, datt d'Durée, fir d'Préparatioun vun den personaliséierten Entretien „insuffisante“ wier an huet deemno proposéiert, dës Durée vun 2 op 4 Stonnen erop ze setzen. Här Minister, elo wou d'gesetzlech Basis vun der VAE ufanks des Joers ugepasst wäert ginn - wat ass är Aschätzung par Rapport zu dëser Proposition vun der Chambre des Salariés?
12. Mécht de Service VAE e Rapport annuel, wann net firwat net ? Ass de Minister net der Meenung, datt et wichteg wier de Bierger oder d'Biergerin transparent iwwert d'Aarbecht vum Service VAE opzeklären a konkret Resultater ze publizéieren, déi fir all Biergerin a Bierger einfach zougänglech an novollzéibar anzegesi sinn ?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 1614 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement

Ad 1)

Type du certificat/diplôme/BM	Intitulé	Nombre de validations
CCP	Cuisinier	1
DAP	Opérateur de la forêt et de l'environnement	1
	Débossaleur de véhicules automoteurs	1
	Menuisier	1
	Peintre/décorateur	1
	Serrurier	1
	Agent administratif et commercial	2
	Conseiller en vente	4
	Auxiliaire de vie	1
	Cuisinier	2
	Hôtelier-restaurateur	1
	Serveur de restaurant	1
DT	Administration et commerce	2
	Tourisme	1
	Mécanicien d'avions	1
Brevet de maîtrise	Entrepreneur de construction	1
DES	Gestion	2
DEST	Communication et organisation	1
	Éducateur	3
TOTAL		28

Do dobäi kommen nach déi Kandidaten, déi eng Validation totale no enger Validation partielle kruten.

Type du certificat/diplôme/BM	Intitulé	Nombre de validations
DAP	Peintre de véhicules automatiques	1
	Agent administratifs et commerciaux	1
	Auxiliaire de vie	2
DT	Administration et commerce	1
Brevet de maîtrise	Peintre de véhicules automoteurs	1
DES	Gestion	1
DEST	Éducateur	2
TOTAL		9

Den Total läit deemno bei **37 Validations totales** fir d'Joer 2018.

Ad 2)

Am däsem Kontext ass et wichteg, den Ënnerscheed tëscht enger Demande recevable an enger Demande non recevable ze erklären. Ob eng Demande recevable oder net recevable ass, hänkt net vun der Decisioun vun der Kommissioun of, mä gëtt am Viraus definéiert.

Als recevable gëtt all Demande erkläert, wou en Diplom/Certificat/Brevet ugefrot gëtt, dee vum Educatiounsministère (MENJE) delivréiert gëtt, den Dossier komplett ass, an de Kandidat mindestens 5.000 Stonne Berufserfahrung an deem Beräich virweise kann, fir deen e gär géif diploméiert ginn.

Als net recevabel ginn déi Demanden erkläert, wou d’Kandidaten en Diplom ufroen, deem net vum Educationnsministère delivréiert gëtt (z.B. BTS oder Bac + oder Diplom, deem net am Journal officiel ass), wou de Kandidat net op déi verlaangte Stonne kënnt, oder wou de kompletten Dossier net an dem festgeluechten Delai eragereecht gëtt an doduerch clôturéiert gëtt. Do gëtt et dann och keng Suite, dat heescht, dës Dossiere ginn duerch keng Kommissioun.

Année	Demandes non recevables	Demandes recevables	Total
2010	22	277	299
2011	34	192	226
2012	13	226	239
2013	10	281	291
2014	29	305	334
2015	18	290	308
2016	119	247	366
2017	128	266	394
2018	111	311	422
2019	71	276	347
TOTAL	555	2 670	3 226

Ad 3 + 4)

All Beruff, wou d’Ausbildung zu Lëtzebuerg vun 2010-2019 ugebuede gouf an am Journal officiel publizéiert gouf (mat Exceptioun vum Transfrontalier), wéi och den Diplom vum Educateur, de Brevet de Maîtrise an den DES (DEST), kann iwwert eng VAE ugefrot ginn. Deemno, an doduerch bedéngt, datt d’Intitulé vum den Diplomer/Certificaten a Brevete changéieren, ass dës Lëscht ganz exhaustiv a komplex. All Beruff fënnt Interesse bei eise Kandidaten an deemno gi praktesch all concernéiert Beruffer, déi ugebueden ginn, iwwert eng VAE ugefrot.

Ad 5 + 6)

Année	CATP/DAP	Validation totale	Brevet de Maîtrise	Validation totale
2010	110	21	43	3
2011	64	20	46	7
2012	84	16	35	4
2013	106	21	31	6
2014	104	18	44	2
2015	115	14	34	2
2016	109	19	30	1
2017	106	20	25	2
2018	126	21	26	2
2019	128	<i>statistiques en cours</i>	22	<i>statistiques en cours</i>
TOTAL	1 052	(hors 2019) 170	336	(hors 2019) 29

D’Statistike beinhalte just d’Demandes recevables. Demanden, déi net recevabel deklariéiert gi sinn, concernéieren dës zwee Diplomer an der Reegel manner. Ze ënnersträiche bei dësen Zuelen ass, datt net jiddereen, deem am Joer recevabel deklariéiert ginn ass, och eng Decisioun zum Dossier krut. Verschidde Leit hunn op engem spéideren Datum ofginn oder guer net ofginn.

Ad 7)

D’Diskrepanz, déi tëscht deenen als recevabel erkläerten Demanden an deene final getraffenen Decisiounen duerch d’Commission de validation ze gesinn ass, ass duerch ënnerschiddlech Facteuren ze erklären. Fir d’éischt ass ervirzehiewen, datt net jiddereen, deem seng Demande recevabel deklariéiert ginn ass, säin 2. Dossier (Demande de validation sur le fond) och effektiv ofgëtt. Verschidde Leit halen am Laf vun der Prozedur op, an

dës Entscheedung ka verschidde Grënn hunn (wéi zum Beispill: Zäitmangel, fir um Dossier ze schaffen; kee Besoin méi fir en Diplom; Ënnerschätze vum Zäitopwand).

Et ass och nach wichteg, an deem Kontext ze verstoen, datt d’Kandidaten zwee Datume proposéiert kréien, wou si hiren Dossier kënnen ofginn. Dës zwee Datume kënnen esouwuel am Joer N wéi N+1 sinn. Dat heescht zum Beispill, datt een, deem seng Demande am September 2019 recevabel deklariéiert ginn ass, ka säin Dossier fir d’Sessioun vun Oktober/November 2020 oder fir d’Sessioun Mee/Juni 2021 ofginn. Deemno ass d’Demande wuel 2019 recevabel deklariéiert ginn, ma d’Persoun huet hiren Dossier awer net am nämmelechte Joer ofginn.

Ad 8)

Nodeems d’Kandidatur recevabel deklariéiert gouf, bitt de Ministère eng Hëllefstellung a Form vun engem Accompagnement un. Dësen Accompagnement kann esouwuel a Form vun Ateliers collectifs wéi och am perséinlechen Austausch stattfannen. D’Ënnerstëtzung ass fakultativ a gëtt op Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch ugebueden. All d’Accompagnateure si vum Minister nominéiert a per Arrêté ministériel festgehalen. D’Cellule VAE vum MENJE (Direction générale de la Formation professionnelle) huet esouwuel extern wéi och intern Accompagnateuren. Den Accompagnateur kann e Mataarbechter vum Staat oder vun enger vun de Berufskummere sinn. Als externen Accompagnateur zielen déi Leit, déi sech an der Cellule VAE als interesséierten Accompagnateur mellen an arrétéiert ginn. Si kréien eng Indemnitéit pro Stonn, wou si d’Kandidaten begleeten. Intern huet d’Cellule VAE dräi Accompagnateuren (2,5 Posten), déi fest agestellt sinn. Dem Accompagnateur seng Aarbecht besteet doran, de Kandidat ze renseignéieren, ze informéieren, hie bei der Zesummestellung vu sengem Dossier ze ënnerstëtzen an ze beroden. D’Dauer vum Accompagnement ass op maximal 12 Stonne pro Kandidat festgeluecht.

Ad 9)

D’Indemniséierung baséiert op:

1. dem *Règlement grand-ducal du 15 décembre 2017 portant sur l’accompagnement par entretiens personnalisés du candidat sollicitant la validation des acquis de l’expérience.*
2. dem *Arrêté ministériel du 2 novembre 2018 portant nomination des accompagnateurs en validation des acquis de l’expérience.*

2017	2018	2019
<p>2017 woren 12 Accompagnateuren am Asaz, dovunner 11 Externer an 1 Interne.</p> <p>Vun deenen 11 externe Accompagnateuren hunn der 7 en Accompagnement gefouert. Am Ganze si 24 Kandidaten begleet ginn.</p> <p>Den internen Accompagnateur huet 14 Kandidaten begleet.</p> <p>Et si keng Indemnitéiten am Joer 2017 bezuelt ginn.</p>	<p>2018 woren 13 Accompagnateuren am Asaz, dovunner 11 Externer an 2 Interne.</p> <p>Vun deenen 11 externen Accompagnateuren hunn der 10 en Accompagnement gefouert. Am Ganze si 26 Kandidaten begleet ginn.</p> <p>Déi intern Accompagnateuren hunn am Ganzen 52 Kandidaten begleet.</p> <p>Et si keng Indemnitéiten am Joer 2018 bezuelt ginn.</p>	<p>2019 wore 14 Accompagnateuren am Asaz, dovunner 11 Externer an 3 Interne.</p> <p>Vun deenen 11 externen Accompagnateuren hunn der 7 en Accompagnement gefouert. Am Ganze si 14 Kandidaten accompagnéiert ginn.</p> <p>Déi intern Accompagnateuren hunn am Ganzen 169 Kandidaten begleet.</p> <p>Eng Indemnitéit vun 210 Euro ass 2018 un een externen Accompagnateur ausbezuelt ginn. Dës Zomm baséiert op d’Accompagnementer vun zwee Kandidate mat engem Total vu 7 Stonnen.</p>

Ad 10)

Ier sech d'Kandidate fir eng VAE Demarche decidéieren, ass et wichteg, datt si genau wëssen, wat hire professionnelle Projet ass. Doderch datt d'Aarbecht vun den Accompagnateurs eréischt dann ufänkt, wann d'Kandidaturen als recevabel deklaréiert gi sinn, si verschidden Initiativen am Laf vun 2019 ënnerholl ginn, fir dëse Conseil an d'Orientatioun méi an de Vierdergrond ze hiewen.

Mat dem Zil, de Kandidate beim Definéieren vun hire perséinlechen a professionnelle Bedierfnesser ze hëllefen, ass schonns am August 2019 eng enk Kollaboratioun mam Service de la Formation pour adultes (SFA) zustane komm. Fir de Kandidat a senger Approche ze guidéieren am Fall, wou Zweifel oder Onsicherheit opkommen, wat de Choix vum Certificat, Diplom oder Brevet ubelaangt, stellt den SFA der Cellule VAE Conseillieren zur Verfügung. Des Weidere bitt den SFA eng Ënnerstëtzung beim Definéieren vum perséinleche Projet vun de Kandidaten a ka si esou op eventuell alternativ Pisten zur VAE hiweisen. Zanter Dezember 2019 bitt den SFA mëttwochs owes eng Permanence un, wou d'Leit déi spezifesch no Explikatiounen zur VAE sichen, kënnen Rendez-vous huelen. An deem Sënn wäerten an Zukunft d'Cellule VAE an den SFA an der Maison de l'orientation (MO) matwierken, an do als Prestataire fir déi Erwuesse schaffen.

Nieft dem SFA stinn d'Agente vu der Cellule VAE de Leit zur Verfügung, fir hinne per Mail oder Telefon op hir Froen ze äntweren. Et ginn och reegelméisseg perséinlech Rendez-vous mat de Leit ausgemaach, wou si an de VAE-Büro laanschtkommen an intern berode ginn.

Donieft ginn zanter 2019 Ateliers collectifs organiséiert. Et handelt sech dobäi méi konkret ëm Informatiouns-Stonnen, wou d'Kandidaten Äntwerte op hir Froen kréien betreffend hirem Dossier an déi verschidde Kriterien zum gefroten Diplom. Dës Ateliere ginn a Kollaboratioun mat de Membere vun de verschidde Kommissiounen duerchgefouert a fannen owes an der Chambre des salariés statt.

Et ass nach wichteg, op d'INFPC-Informatiounsreuniounen zur VAE hinzewisen. Dës fannen e puermol am Joer an der Chambre des salariés statt. Zanter 2018 ass do eng Presenz vun VAE-Agenten assuréiert, wou d'Leit sech scho kënnen am Viraus iwwert d'Exigenzen zu de verschiddene Certificaten, Diplomen a Brevete renseignieren.

Ad 11)

Dem Kandidat stinn am Ganzen 12 Stonne mat sengem perséinlechen Accompagnateur zou, fir esouwuel säin Dossier wéi och eventuell säi personaliséierten Entretien virzebereeden. Den Entretien mat der Kommissioun ass awer net obligatoresch, dat heescht, datt net jidderee vun der Kommissioun an en Entretien geruff gëtt. Och wëssen d'Kandidaten net am Viraus, wat si fir Froen vun de Kommissiounen gestallt kréien. Eng Virbereedung ass also net noutwenneg; d'Kandidate ginn op dat gepréift, wat si an hirem Dossier geschriwwen hunn, oder op déi Kompetenze getest, déi an der Beschreiwung vum Dossier feelen a fir den Diplom noutwenneg sinn.

Wann de Kandidat sollt méi Ënnerstëtzung vu der Cellule VAE brauchen, stinn d'Accompagnateurs him gäre méi laang zur Verfügung. D'Zil ass et, de Kandidat esou gutt wéi méiglech ze begleeten an him déi beschte Méiglechkeete fir eng Reussite ze bidden.

Ad 12)

Duerch déi grouss Ufro an dat allgemengt Interessi un der VAE gëtt et ëmmer méi wichteg, de Bierger d'Aarbecht vu der Cellule VAE ze verdäitlechen. En eegene Rapport annuel iwwert d'VAE ass net virgesinn, dofir gëtt awer am Rapport d'activité 2019 vum MENJE méi ausféierlech iwwert d'Missiounen vun der VAE informéiert. Ech wéilt hei och vun der Geleeënheet profitéieren, fir op déi viru kuerzem verëffentlecht Brochure iwwert d'VAE hinzewisen:

<http://www.men.public.lu/catalogue-publications/professionnel/formation-professionnelle-continue/vae/depliant.pdf>